
AKTIVITÉITENHEFT
GRONDSCHOUL

# OP EEMOL WAR ALLES ANESCHT

## OP DE SPUERE VUM ZWEETE WELTKRICH



### CHAREL KOENIG, GEBUER DEN 23. MÄERZ 1931

De Charel ass e richtege Clown. Mat sengem Humor iwwerspillt hien seng Onsécherheeten. En ass e richtege Fussballfan. Doheem an der Rue Neipperg gëtt vill iwwer Politik geschwat. Säi Papp, en Aarbechter, a seng Mamm, eng Néiesch, si politesch ganz engagéiert. De Charel huet zwee grouss Bridder, de Jean-Pierre an de Michel, déi hien immens bewonnert. E streit awer och dacks mat hinnen, well si hien ewéi e Puppelche behandelen.




### JEANNE MAROLDT, GEBUER DEN 21. JANUAR 1931

D'Jeanne moolt, liest an dreemt gär. Heiansdo fält et em schwéier, sech aneren unzevertrauen, an et schreift da léiwer a säin Tagebuch, wat et erlieft a fillt. Et ass en Eenzelkand a lieft mat sengem Papp, engem Gemengenaarbechter, a senger Mamm, déi Hausfra ass, an der Rue Michel Rodange. Seng Eltere schwätzen dacks iwwer de Mussolini an den Hitler. Si sinn der Meenung, dass et ze vill Judden zu Lëtzebuerg gëtt. D'Jeanne traut sech net, hinnen ze widderspriechen, well wann et u säi Kolleeg de Kurt denkt, ass et net mat hinnen averstanen.



### KURT BAMBERGER, GEBUER DE 16. JULI 1930

De Kurt gouf zu Wien an eng jiddesch Famill gebuer. Säi Papp ass Dokter. Seng Mamm, déi Literatur studéiert huet, këmmert sech zënter senger Gebuert ëm seng Erzéiung. Hien ass en Eenzelkand. Wéi Éisträich vun den Nazie besat gëtt, ass hie sechs Joer al. Säi Papp gëtt festgeholl a kënnt eréischt e puer Méint méi spéit erëm fräi. Duerno gléckt et der Famill, op Lëtzebuerg ze flüchten. De Kurt, dee scho villes matgemaach huet, mécht en eeschten an nodenklechen Androck, mee e kann awer och spontan a lëschteg sinn.



### ROSE VENTURINI, GEBUER DE 27. JUNI 1931

D'Rose ass an dëser Grupp dat Klengst an dat Jéngst, mee dat géif een net ëmmer mengen. Et schwätzt gär vill an haart a reagéiert dacks oniwwerluecht. Och wa seng Kolleegen et fir seng Energie bewonneren, sou geheie se him awer vir, dass et ëmmer an iwwerall dat Éischt muss sinn. Säi Papp, koum mat 16 Joer aus Italien op Lëtzebuerg a seng Mamm staamt aus dem Éislek. Si hunn haart geschafft, fir eng Epicerie op der Wallisplaz kënnen opzemaachen. D'Famill wunnt an engem Appartement iwwer der Epicerie. D'Rose huet e klenge Brudder, de Marcel.



## Op eemol war alles anescht.

1939 feiert Lëtzebuerg 100 Joer Onofhängegkeet. Mee trotz de Feierlechkeeten ass d'Stëmmung gedréckt. Iwwert der Grenz, an Däitschland, hunn d'Nazien eng Diktatur installéiert. Si maache kee Geheimnis méi aus hirem Wonsch, hiert Land ze vergréisseren. Plange se no der Invasioun vun Éisträich och Lëtzebuerg unzegräifen? Déi Erwuessen, déi zwanzeg Joer éischter, vun 1914 bis 1918, schonn eng Kéier eng däitsch Besatzung erlieft hunn, maache sech Suergen. Dat gëllt och fir dem Rose, dem Charel, dem Jeanne an dem Kurt hir Elteren. Déi véier Frënn sinn onzertrennlech a probéieren ze verstoen, wat grad amgaangen ass ze geschéien.
Et dauert net laang, bis och hir Welt op d'Kopp gehäit gëtt.

# Et ass eppes geschitt, wat déi Erwuessen erféiert huet

13. MÄERZ 1938, DEN DAG NOM AMARSCH VUN DEN DÄITSCHEN TRUPPEN AN ÉISTRÄICH.




Foto vum Gusty Kemp.

De Charel konnt et nach ëmmer net gleewen! 3:2! D'Lëtzebuerger Nationalekipp hat wuel géint d'Belsch verluer, mee just mat engem Gol Ënnerscheed an nodeems se an der 1. Hallschent nach mat 2:1 vir loung. No deenen héijen Nidderlagen an de leschte Jore war dat hei scho bal, ewéi wa Lëtzebuerg gewonnen hätt.
„Mat deene ville Chancen, déi mer haten, hätte mer misse gewannen", sot de Jean-Pierre.
„Jo, wann de Gusty Kemp net allkéiers virum Gol kal Féiss kritt hätt!", huet de Michel gemengt.

De Jean-Pierre an de Michel waren dem Charel seng grouss Bridder. Hir Eltere wollten, dass se de Charel sollte mat op de Match huelen, mee si hunn e wéi e Puppelche behandelt. An elo hate se och nach de Culot, de Geck mat sengem Liblingsspiller ze maachen?
„De Kemp ass dee Stäerksten an der Ekipp. Hien huet deen zweete Gol geschoss. Dir hutt jo keng Anung vu Fussball", huet sech de Charel geiergert.
„Héiers de dat, Michel? Dee klenge Krappert mengt, hie wéisst alles besser."

De Jean-Pierre wollt grad nach eppes soen, wéi e Mann en ugerempelt huet.

„Kanns de net oppassen, Lausbouf?“,
huet dee gegrommelt.
„Pass dach selwer op, wuer s de deng Féiss setz,
du Dinosaurier.“
„Déi Jonk ginn awer och ëmmer méi frech hei am
Land. Mee waart emol, wann den Hitler bis hei ass,
dee léiert iech. Da geet et wéi an Éisträich.“

De Virfall hat just e puer Sekonne gedauert, mee säitdeem hunn déi vill Leit, déi aus dem Stadion koumen, dem Charel Angscht gemaach. En huet erëm déi Nervositéit ronderëm sech gespuert. Eppes war an de leschten Deeg geschitt, dat déi Erwuessen zimmlech erféiert hat, souguer säi Papp, dee soss virun näischt Angscht hat. Gëschter hat e matkritt, wéi de Papp senger Mamm erzielt hat, dass d’Nazien an Éisträich amarschéiert waren, a wa kee se géif ophalen, da géife se geschwënn och Lëtzebuerg ugräifen.
„So, Jean-Pierre, mengs de, dee Mann kéim erëm,
fir eis eppes ze doen?“, huet de Charel gefrot.
„Maach der keng Suergen, dat war just en ale
Knadderer. Dee gesäis de bestëmmt ni méi erëm.“
„War dat en Nazi?“, wollt de Charel du wëssen.

„Ma neen, du hues jo héieren, dass e
Lëtzebuergesch geschwat huet“,
huet säi grousse Brudder geäntwert.
„Heescht dat, dass et zu Lëtzebuerg keng
Nazie gëtt?“

De Jean-Pierre, dee soss ëmmer op alles eng Äntwert hat, war op eemol ganz roueg. De Michel ass em zu Hëllef komm.
„Maach der keng Suergen. D’Nazie kréie vun de
Fransousen, den Amerikaner an den Englänner e
Fouss hannebäi. Déi kommen eis hëllefen, wéi am
leschte Krich.“

En hat dat gesot, fir säi klenge Brudder ze berouegen, mee beim Wuert „Krich“ ass de Charel zesummegefuer.

## Wie sinn d’Nazien?

D’Nazie sinn d’Membere vun der Nationalsozialistescher Partei (NSDAP), déi nom Éischte Weltkrich an Däitschland gegrënnt gëtt. Si hu rassistesch Iddien a sinn iwwerzeegt, dass déi Däitsch deenen aneren Natiounen iwwerleeë sinn. 1933 kënnt hire Chef Adolf Hitler un d’Muecht. D’Nazie verfollegen d’Judden an all déi, déi si als hir Feinden ugesinn. Si bauen eng Arméi op, fir de Krich erëm opzehuelen an aus Däitschland dat mächtegst Land vun der Welt ze maachen.







# Wéi fills de dech, wann s de gesäis, wat iwwerall an der Welt geschitt?



Kuck der dës Fotoen un a wiel déi Emoticonen (oder mol een), déi am beschte weist, wéi ee Gefill se an dir ausléisen. Zéi e Stréch vun all Foto bei déi Emoticonen, déi s du ausgesicht hues.



ROSEN



EMPATHESCH




BEONROUEGT




FROU



TRAUREG



# Wat sinn Noriichte fir dech?



- ◯ Eppes, dat ronderëm mech geschitt.
- ◯ Eppes, dat an de sozialen Netzwierker dacks gedeelt gëtt.
- ◯ Eppes Negatives, wat an der Welt geschitt.
- ◯ Eppes, dat bekannte Persoune geschitt.
- ◯ Eppes Positives, wat an der Welt geschitt.
- ◯ Eppes, wat net alldeeglech ass.
- ◯ All d'Entscheedungen, déi d'Politiker huelen.
- ◯ ____________________________________________

____________________________________________

____________________________________________

____________________________________________


# News oder Fakenews?

An den 1930er-Jore sollten d'Noriichten a Länner wéi Däitschland d'Leit beaflossen. D'Regierung huet d'Medie kontrolléiert. Dat nennt ee „Propaganda". Haut ginn d'Leit mat Informatiounen bombardéiert. An déi sinn heiansdo problematesch. Dacks hu se eng Iwwerschrëft, déi virwëtzeg mécht, wéi „D'Groussherzogin um Buedem zerstéiert". Mee wann s de dann op de Link klicks, verdéngt deen, deen d'Noriicht gemaach huet, Suen, well s du d'éischt d'Reklamme muss kucken, iers de un de Clip kënns.

| FAKENEWS ODER KENG FAKENEWS? | FAKENEWS | KENG FAKENEWS |
|---|---|---|
| 1. Verbitt d'Regierung de Bierger geschwënn, Fleesch z'iessen? | ◯ | ◯ |
| 2. Ëmmer méi Meedercher op der Welt ginn an d'Schoul. | ◯ | ◯ |
| 3. Entdeck de geheime Shampoing vum Grand-Duc. | ◯ | ◯ |
| 4. Zu Lëtzebuerg lieft eent vu véier Kanner an Aarmut. | ◯ | ◯ |
| 5. Faascht den Donald Trump heemlech wärend dem Ramadan? | ◯ | ◯ |

D'Messagen 1, 3 a 5 si Fakenews. Looss dech net hanner d'Liicht féieren. Et gëtt och gutt Neigkeeten. Mir kënnen eis doranner üben, se och ze gesinn.

# En neie Schüler am Charel senger Klass



17. SEPTEMBER 1939, MÉI WÉI ZWOU WOCHEN NOM UFANK VUM ZWEETE WELTKRICH.

„Léift Tagebuch, dës Woch ass d'Schoul erëm ugaangen. Ech hu mech richteg gefreet, meng Fréndinnen erëmzegesinn, virun allem d'Rose."

A leschter Zäit waren nach aner Saache geschitt, déi d'Jeanne net esou richteg a Wierder faasse konnt. Déi däitsch Arméi war den 1. September a Polen amarschéiert. Als Reaktioun drop hu Frankräich a Groussbritannien Däitschland de Krich erklärt. Zu Lëtzebuerg gouf gefaart, dass et och am Ländchen zu militäreschen Ausernanersetzunge kéint kommen. Schengen gouf evakuéiert, mee soss war et iwwerall scho bal gespenstesch roueg.

An nach eppes war geschitt …
„Ech hunn de Charel am Rose sengen Elteren hirem Buttek gesinn. Et ass en neie Schüler a senger Klass, si waren zesummen do. En heescht Kurt, kënnt vu Wien an en …“

D’Jeanne wollt grad schreiwen „an en ass richteg séiss“, mee dunn huet et sech dat anescht iwwerluecht. Wat, wann en aneren – zum Beispill seng Mamm – dat enges Daags géif liesen? Wat géif et sech da schummen … Et huet de Saz anescht zu Enn bruecht:
„… e gläicht dem Jürgen Ohlsen.“

De Glach mam däitsche Schauspiller war em direkt opgefall. De Kurt hat déi nämmlecht blond Hoer, déi nämmlecht intelligent Aen, dat nämmlecht scheit Laachen. E war och ganz anescht wéi déi aner. En huet sech net déi ganzen Zäit läschteg gemaach iwwer d’Meedercher oder domm Witzer gerass, sou wéi de Charel. Et huet sech iwwerhaapt gefrot, firwat déi zwee esou vill Zäit matenee verbruecht hunn. Kloer, et war wéinst dem Fussball. Mee de Kurt an hatt haten awer och eppes gemeinsam.
„De Kurt liest vill, wéi ech. Mir hu vum *Winnetou* geschwat a vun *Emil und die Detektive*. En hätt eigentlech missen eng Klass iwwer dem Charel sinn, mee well et säin éischt Joer an der Schoul zu Lëtzebuerg ass, koum en an d’véiert Schouljoer.“

D’Jeanne wosst, dass de Kurt net nëmme wéinst sengem Charakter oder sengem Alter anescht war. Seng Famill hat missen aus Wien fortgoe wéinst den Nazien. De Kurt war e Judd. Dem Jeanne seng Eltere soten, dass d’Judde selwer schold wieren, wa kee se kéint leiden. Si wéilte sech net integréieren an et géifen der ëmmer méi ginn, soudass se deenen aneren d’Aarbecht géifen ewechhuelen. Mee d’Jeanne huet hinnen dat net gegleeft. De Kurt war net esou. E war witzeg a sensibel. An deen Owend huet et beschloss:
„De Kurt ass ee vun eis.“

## Wie sinn déi jiddesch Flüchtlingen?

D’Nazie ginn de Judden d’Schold un allem, wat an Däitschland schifleeft. Fir si sinn déi däitsch Judde keng richteg Däitsch. Wéi d’Nazie bis un der Muecht sinn, verbidde se de Judden, an d’Schoul ze goen, a se schléisse se vun alle Beruffer aus. D’Judde ginn och Affer vu Gewalt. Vill vun hinne verloossen Däitschland an dono Éisträich, wéi d’Nazien do d’Kontroll iwwerhuelen. Wéi de Krich ausbrécht, liewen tëscht 4.000 a 5.000 Judden zu Lëtzebuerg, dovun 1.000 Lëtzebuerger, 1.000 Awanderer an 2.000 bis 3.000 Flüchtlingen.



Jiddesch Flüchtlingen, déi Enn den 1930er-Joren zu Lëtzebuerg opgeholl goufen.

GRUPPENAKTIVITÉIT

# Wou kommen eis Familljen hier?

Jiddereen hëlt Post-its a schreift d'Land drop, wou säi Papp, seng Mamm a seng Grousseltere gebuer sinn. D'Post-its ginn agesammelt an dann no Länner klasséiert.

**Wéi eng Conclusioune kann een zéien?**

SI VILL VERSCHIDDE LÄNNER GENANNT GINN ODER JUST E PUER?

WANN S DE WËLLS, KANNS DE SOEN, WOU DENG ELTEREN ODER GROUSSELTERE GEBUER SINN.

WEESS DU, FIRWAT DENG (GROUSS)ELTEREN OP LËTZEBUERG KOMM SINN?

DÉI GANZ WELT WUNNT ZU LËTZEBUERG. BASS DE MAT DËSER AUSSO AVERSTANEN?

# Zu wéi enger Grupp gehéieren ech?

Maach eng Lëscht vu Gruppen, zu deenen s du gehéiers. Dat kann deng Famill sinn, deng Klass, däi Sportveräin, deng Frënn … Wéi vill Gruppe kriss de zesummen?

____________________

____________________

____________________

____________________

____________________

Inspiréiert dech dës Lëscht? Wiel déi 3 Äntwerten aus, déi am beschten zu dir passen.

- ◯ Ui, ech gehéieren zu ze ville Gruppen!
- ◯ Ech muss eppes bezuelen, fir Member vu verschiddene vun dëse Gruppen ze sinn.
- ◯ Et gëtt Gruppen, zu deenen ech zënter menger Gebuert gehéieren.
- ◯ Ech sinn och emol gär eleng.
- ◯ Et ass flott, zu Gruppen ze gehéieren.
- ◯ All Grupp huet hir eege Spillreegelen.
- ◯ Ech hu léiwer kleng Gruppen.
- ◯ Ech géif gär aus e puer Gruppen erausgoen. (Aus wéi engen?)

____________________

____________________

____________________

____________________

# Wien däerf Member gi vun enger Grupp?

An deenen enge Gruppen ass jidderee wëllkomm, an aneren net, well een zum Beispill e gewëssenen Alter muss hunn. Wa jiddereen an enger Grupp wëllkomm ass, egal, wien en ass, wat e gleeft, wouhier e kënnt oder wéi eng Hautfaarf en huet, da schwätzt ee vun „Inklusioun“.

Identifizéier déi zwee Sätz OUNI Inklusioun.

- ◯ Jidderee ka matmaachen.
- ◯ Gläich Chancë fir jiddereen.
- ◯ Nëmme Kanner, déi an eiser Uertschaft gebuer sinn, däerfe matmaachen.
- ◯ Jiddereen zielt.
- ◯ Kanner däerfen net matschwätzen.
- ◯ Kee gëtt ausgeschloss.

**VERGLÄICHT D'ÄNTWERTEN!**

Bass du schonn eng Kéier ausgeschloss ginn? Wéi ass dat geschitt?
Probéier, mat engem aneren doriwwer ze schwätzen. Esou kriss de eng Meenung vu baussen, wat der hëlleft, anescht driwwer nozedenken.

Wann s du fënns, dass de diskriminéiert gi bass, da kanns de dech hei mellen:

WWW.OKAJU.LU

# Mir mussen elo all den „Hitlergruß“ maachen

JANUAR 1941, AACHT MÉINT NOM AMARSCH VUN DEN DÄITSCHEN TRUPPEN.

Dem Kurt huet d'Häerz bis an den Hals geklappt. Et war scho laang hier, dass e seng Frënn fir d'lescht gesinn hat. Zënter dem 10. Mee 1940 war alles anescht. Wéi e mueres opgestane war, war e gewuer ginn, dass déi däitsch Arméi an d'Land amarschéiert war. D'Leit ware verängschtegt an iergendwéi och beandrockt. Déi däitsch Zaldoten hunn esou jonk an duerchtrainéiert ausgesinn an hiert Material esou modern. Si haten déi hollännesch, belsch, franséisch an englesch Arméi a manner wéi sechs Woche geschloen. Hien hat dowéinst gekrasch.

Zënterhier hunn d'Nazie sech beholl, wéi wa se zu Lëtzebuerg doheem wieren. De „Gauleiter“ Gustav Simon huet d'Befeeler ginn. Alles sollt vun elo un däitsch sinn: d'Stroossennimm, d'Nimm vun de Geschäfter an esouguer déi vun de Leit.
„Moie Charel“, huet de Kurt säi Frënd begréisst, wéi deen him d'Dier opgemaach huet.
„Mein Name ist Karl!“, huet dee mat verstengerter Minn geäntwert.

De Kurt wosst net, wéi e sollt reagéieren ... an dunn huet en d'Meedercher héiere kickelen:
„Ich heiße Rosa ...“
„... und ich Johanna.“
„Wéi et schéngt, ware mir Lëtzebuerger ëmmer schonn Däitscher. Mee well mer dat vergiess haten, hu sech d'Nazie fréndlecherweis bei eis nidderge-looss, fir eis dorun ze erënneren“, huet de Charel ironesch gemengt. De Kurt war berouegt. Säi Frënd hat säin Humor net verluer.

„An der Schoul solle mer net méi ‚Bonjour' soen“, huet d'Rose erzielt. „Souguer ‚Moien' ass net erwënscht. Wann eis Léierin an d'Klass kënnt, musse mer opstoen, den Aarm an d'Luucht strecken an ‚Heil Hitler' jäizen.“
„Ënner eis ruffe mir ëmmer ‚Drei Liter!'“, sot de Charel an huet gelaacht.
„Du bass wierklech kannereg“, huet d'Jeanne sech geiergert. „Fir dech ass alles e Witz.“
„E Witz?“, huet de Charel widderholl.
„Op d'mannst maache mer eppes!
All hu se Angscht virun deenen Däitschen.“
„Mäi Papp seet, et soll ee maachen, wat se soen. Soss gëtt et nëmme Chaos“, huet d'Jeanne geäntwert.

Seng Frënn waren drop an drun, mateneen ze streiden. Fir d'Stëmmung e bëssen opzelackeren, huet de Kurt se ënnerbrach an de Gauleiter imitéiert.
„Jede Art von Sabotage des vom Reich begonnenen Wiederaufbaus wird gnadenlos niedergeschlagen.“
„O mei, Kurt, dat méchs du richteg gutt!“, sot d'Rose mat Bewonnerung an der Stëmm.
„Geschenkt. Ech schwätzen Däitsch doheem an ech kennen d'Nazie schonn e gudde Strapp méi laang wéi dir.“



Wéi en duerch d'Adolf-Hitler-Strooss, déi fréier Avenue de la Liberté, heemgaangen ass, huet de Kurt sech gefrot, wéini e seng Frënn géif erëmgesinn. Am November haten d'Nazien hien an all déi aner jiddesch Kanner vun der Schoul ausgeschloss. Dat war em och schonn zu Wien geschitt. Doropshi war e mat sengen Elteren op Lëtzebuerg komm. Mee och hei hunn d'Nazie se um Enn erëmkritt.






## De Rassismus vun den Nazien, wéi manifestéiert sech deen?

Gesäis de déi rout Affiche? Si gëtt déi rassistesch Iddie vun den Nazien erëm. Fir si sinn d'Mënschen net all gläich. Si deelen d'Mënschheet a „Rassen" an, dat heescht a Gruppen, déi e spezifescht Ausgesinn an e spezifesche Charakter hunn. D'Nazie soen och, dass bestëmmte „Rasse" besser si wéi anerer an dass déi „däitsch Rass" allen aneren iwwerleeën ass. Hirer Meenung no gehéieren d'Lëtzebuerger zur „däitscher Rass". 1940 gewënnt Däitschland de Krich géint Frankräich, d'Belsch an Holland. Däitsch Truppe besetze Lëtzebuerg. Den Adolf Hitler gëtt dem Gauleiter Gustav Simon den Optrag, d'Awunner ze „germaniséieren", dat heescht hir Kultur auszeradéieren, fir se duerch déi däitsch Nazi-Kultur ze ersetzen.

1 De Gauleiter Gustav Simon (an der Mëtt) op der Plëss an der Stad, de 6. August 1940.
2 Nazi-Plakat, 7. August 1940.

# Wat bedeit en Numm?


Erklär, wouhier däin Numm kënnt. Hues du deen nämmlechte Virnumm wéi en aneren aus denger Famill, en Numm vun engem Fussballspiller, engem Hellegen oder engem Kënschtler? Oder hunn deng Elteren dech esou genannt, well se den Numm schéi fonnt hunn? Fann och eraus, wouhier d'Nimm vun dengen Eltere stamen!

SINN DÄI VIRNUMM AN DÄI FAMILLJENNUMM WICHTEG FIR DECH?
ERKLÄR FIRWAT.

WEESS DU, WAT DÄI FAMILLJENNUMM BEDEIT A WEESS DE, WAT DÄI VIRNUMM BEDEIT?


GEFÄLT HIR BEDEITUNG DER ODER NET?

# Wat soll ech dem Kurt soen?



Stell der vir, du begéins de Kurt an der Adolf-Hitler-Strooss an hien erzielt der, wat him Suerge mécht. Wéi reagéiers du? Wiel 2 Äntwerten an erfann nach eng dobäi!

- ◯ Ech hunn iwwerhaapt keng Anung!
- ◯ Ech soen him, dass et mer leeddeet, dass hien net méi bei eis an der Klass ass.
- ◯ Ech lauschteren him no, wann e vu senge Suergen erzielt.
- ◯ Ech roden him, sech ze verstoppen.
- ◯ Ech gi rosen iwwer d'Nazien.
- ◯ Ech soen him eppes Léiwes, fir him eng Freed ze maachen.
- ◯ Ech verstinn net, firwat d'Nazien dat mat him maachen.



Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941

Zählkarte für Ortsanwesende

(für alle Personen, eingetragen unter Abschnitt A der Haushaltsliste)

Kreis: Gemeinde:

Wohnplatz (Ortsteil):

Straße und Hausnummer:

Zählbezirk Nr.: Haushaltsnummer: Zählkarte Nr.:

1. Familienname (Zuname): bei Frauen Geburtsname:
Vorname (Rufname):

2. Stellung zum Haushaltungsvorstand:

3. Familienstand:
verheiratet mit: geborene:
geboren am: in:

4. Geburtsjahr:
Geburtstag:
Geburtsort:
falls außerhalb Luxemburgs, Land und Kreis:

5. Jetzige Staatsangehörigkeit:
Falls jetzige Staatsangehörigkeit nicht durch Abstammung erworben ist:
Art des Erwerbs (z. B. Option, Heirat):
Zeitpunkt des Erwerbs:
Etwaige frühere Staatsangehörigkeit:
Zeitpunkt des Verlustes:

(Dieser Raum bleibt frei)

6. Hauptberuf: Stellung im Hauptberuf:
Nebenberuf(e): Nebenberuf:
Wo und bei wem beschäftigt:

7. Muttersprache:

## Wien decidéiert, wat ech sinn?

Den 10. Oktober 1941 loossen d'Nazien d'Lëtzebuerger e Formulaire ausfëllen. Si ginn hinnen ze verstoen, dass se besser hunn, op d'Froen zu hirer Mammesprooch an hirer „Rass" mat „däitsch" ze äntweren. De Widderstand awer fuerdert se op, mat „lëtzebuergesch" ze äntweren, fir ze weisen, dass hinnen hiert Land an hir Onofhängegkeet wichteg sinn. Wéi vill Lëtzebuerger maachen dat, wat de Widderstand seet? Genuch, fir dass d'Nazie forcéiert sinn, hir Aktioun ofzeblosen. D'Nazie si blaméiert, de Widderstand huet seng éischt Victoire.

Wat häls du do dervun? Soen deng Nationalitéit oder deng Sprooch eppes driwwer aus, wien s du bass? Wiel déi dräi Froen, déi s du an de Formulaire agedroen häss (z. B. d'Nationalitéit vum Papp, der Mamm, d'Sprooch, déi doheem geschwat gëtt an dobaussen, oder souguer däi Liblingssport, Liblingsspill asw.) a gëff och d'Äntwerten drop.

# Firwat däerf ech net mat dohin?

JUNI 1941. DE GAULEITER SIMON MÉCHT VILL VERSPRIECHEN, MEE OCH SENG MENACEN HUELEN ZOU. FIR ESOU VILL KANNER WÉI MÉIGLECH AN DEN NAZIEN HIR JUGENDORGANISATIOUNEN ZE LACKELEN.



„D'Ilse ass wierklech genial! Et ass eng richteg Führerin, mee et kann och gutt nolauschteren."

Zënter dass et beim BDM war, d'Nazi-Organisatioun fir jonk Meedercher, huet d'Jeanne iwwer näischt anescht méi geschwat. An iwwer seng Cheffin: D'Ilse, en Däitscht, war vill méi al wéi si a, wéi et schéngt, einfach perfekt.

„Wéi mer de leschte Weekend campéiere waren, huet et eis gewisen, wéi ee mat engem Kompass ëmgeet a souguer wéi een e Feier mécht. Dat war genial!"

D'Rose war jalous. D'Jeanne war éischter eng Eenzelgängerin, ass gär doheem bliwwe fir ze molen oder ze liesen. Et huet och just dem Rose alles erzielt. Mee elo hat d'Jeanne nei Fréndinnen, mat deenen et dauernd flott Saache gemaach huet.

„So, Rose, du hues dach och elo 10 Joer, da kanns de dach an de BDM kommen. Op wat waarts de?"

Dee Moment, deen d'Rose esou gefaart hat, war komm.

„Ech weess net. Ech muss mengen Elteren an der Epicerie hëllefen. An dann d'Hausaufgaben …"

„Mee dat ass et jo grad. D'Léierin däerf eis keng Hausaufgabe ginn, wa mir eng Versammlung beim BDM hunn. Komm mat, et gefält der bestëmmt! Ausserdeem maache mer vill Sport an du waars ëmmer dat Bescht op den 100 Meter."

„Meng Eltere wëllen net."

D'Rose hat dat vill méi sec gesot, wéi et dat eigentlech wollt.

„Firwat?"

„Si soen, dass et eppes Preisesches ass a just fir Verréider."

„Dat do ass awer schlëmm! Du weess jo, dass de an der Schoul doriwwer schwätze kanns? D'Ilse huet eis geroden, dat ze maachen, wann eis Elteren eppes Béises géife soen."

„Ech weess net. An ech muss elo goen."

D'Rose ass heemgerannt. Wann et dat an der Schoul géif verzielen, da kréiche seng Eltere Schwieregkeeten, an dat wollt et net. Mee heiansdo huet et se gehaasst. Wéi et hinnen eng Kéier owes vum BDM geschwat hat, wollte se näischt dovun héieren. Et war hinnen total egal, dass et da vu senger beschter Fréndin getrennt war. An ausserdeem hat et es sat, anescht ze sinn, „d'Italieenerin" ze sinn. Schliisslech war just säi Papp Italieener, seng Mamm war Lëtzebuergerin. Hatt wollt wéi déi aner sinn. Hatt wollt och zu enger Grupp gehéieren.

## Firwat manipuléieren d'Nazien déi Jonk?

Déi Däitsch wëllen aus de Kanner a Jugendleche perfekt kleng Nazie maachen. Se benotzen duerfir net nëmmen d'Schoul, mee och d'Jugendorganisatiounen. Net-Nazi-Jugendorganisatiounen, wéi d'Scouten zum Beispill, gi verbueden an ersat. D'Jonge mussen an d'„Hitlerjugend", wou se op hiert spéidert Liewen als Zaldot virbereet ginn, bereet, fir Däitschland ze stierwen. Fir d'Meedercher gëtt et de BDM (Bund deutscher Mädel), wou se op eng Zukunft als Infirmière an Zaldotemamm virbereet ginn.



Jonk Meedercher vum Diddelenger BDM.

# Wien decidéiert fir mech?

Wien decidéiert fir mech? Ma ech natierlech! Ech decidéieren, wat ech denken a wat ech maachen. Oder net? Sinn ech net Här a Meeschter iwwer mäi Liewen? Ma wien decidéiert da fir mech? Fro dech emol, wat deng Fräiheet ass. Maach e Kräiz an dat Feld, dat dat am beschten erëmgëtt, wat s du denks.

| | ECH DECIDÉIEREN | MIR DECIDÉIEREN ZESUMMEN | ANERER DECIDÉIEREN |
|---|---|---|---|
| Mat menger Famill an d'Vakanz fueren | ○ | ○ | ○ |
| Wat ech fir an d'Schoul undinn | ○ | ○ | ○ |
| Iwwer en diskriminéierende Witz laachen | ○ | ○ | ○ |
| Wéini ech schlofe ginn | ○ | ○ | ○ |
| Ob ech Geméis iessen oder net | ○ | ○ | ○ |
| Ob ech reliéis sinn oder net | ○ | ○ | ○ |
| Wéi laang ech all Dag däerf spillen | ○ | ○ | ○ |
| An d'Schoul goen | ○ | ○ | ○ |
| Entscheeden, wie meng Frënn däerfe sinn | ○ | ○ | ○ |
| Näischt soen, wa mäi Kolleeg am Buttek eppes klaut | ○ | ○ | ○ |
| **ZOMM** | | | |

A WÉI ENGER KOLONN HUES DU DÉI MEESCHT KRÄIZERCHER? LIES D'ÄNTWERT, DÉI ZU DÄR ZUEL PASST. BENOTZ E SPIGEL.

○ Du bass eng onofhängeg Persoun. Du decidéiers, wat s de mëchs a wat s du mengs, dass richteg ass. Fir dech heescht Fräiheet, dass et esou mann wéi méiglech Reegele gëtt. Heiansdo féiert dat zu Konflikter. Dat fënns de zwar net flott, mee du kanns domat liewen.

○ Du wëlls fräi sinn, mee et ass der awer och kloer, dass deng Frënn an deng Famill Drock op dech ausübe kënnen, fir dass du hir Reegelen anhäls. Et kënnt vir, dass du nogëss, fir Konflikter aus dem Wee ze goen. Mee bei verschiddene Saache wëlls du wierklech eleng decidéieren.


○ Dacks schreiwen anerer der vir, wat s de maachen oder denke solls. Da schränkt deng Fräiheet, deng eegen Entscheedungen ze treffen, an. Dat stéiert dech net – oder vläicht awer? An dësem Fall kanns de a klenge Schrëtt probéieren, no an no méi Kontroll iwwer däi Liewen ze kréien.

# Wien huet dem Jan seng Camionnette mat Graffiti beschmiert?



STELL DER VIR, DU WÄERS DEE MOMENT DOBÄI: WAT GÉIFS DU DEM PROPRIETÄR VUN DER CAMIONNETTE SOEN?

SECH AM KRICH INFORMÉIEREN?




Am Krich ass et verbueden, en anere Radiosender ewéi de Propagandaradio vun den Nazien ze lauschteren. Stell der vir, eng Regierung géif der verbidden, YouTube ze benotzen, an dech zwéngen, just ee bestëmmte Videokanal ze kucken.

- ◯ Ech maachen, wéi ech wëll, a sichen heemlech déi Informatiounen, déi mech interesséieren, op deene Plattformen, déi ech wëll.
- ◯ Ech hale mech un d'Virschrëften.
- ◯ Ech weess net.

Firwat seet dee Jong, deen eng Spraydous hanner sengem Réck verstoppt, dass deen, deen d'Sonn gemoolt huet, och d'Camionnette mat Graffiti beschmiert hätt?

________________________________

________________________________

________________________________

Firwat mellen sech d'Kanner, déi sech hanner der Camionnette verstoppen, net? Du kanns e puer Äntwerten auswielen oder awer deng eege ginn.

- ◯ Si hunn Angscht, dass si hirersäits Zodi kréien.
- ◯ Si hunn Angscht, si géifen d'Schold kréien.
- ◯ Si fannen et lëschteg, dass deen, deen d'Sonn gemoolt huet, Ierger kritt.
- ◯ Si laachen, och wa se net gutt fannen, wat geschitt.

„Zivilcourage" bedeit, an esou enger Situatioun dat ze maachen, wat richteg ass. Wien Zivilcourage weist, ass en Held.

# Mer ginn a Pole geschéckt

15. OKTOBER 1941, UM VIROWEND VUM ÉISCHTE CONVOI, MAT DEEM D'JUDDEN AN DEN OSTEN DEPORTÉIERT GINN.




## Op wéi eng Manéier verfollegen d'Nazien d'Judden?

D'Nazie verfollegen d'Judden zu Lëtzebuerg vu September 1940 un. Si schléisse se vun der Schoul a vun alle Beruffer aus an huelen hinnen no an no hire ganze Besëtz of: Wunnengen, Miwwelen an esouguer Gezei. Vu Juli 1941 un däerfen d'Judden net méi an e Kino, e Park, eng Schwämm asw. Vun Oktober 1941 u musse se de „Juddestär" op der Kleedung droen, dass ee se direkt erkennt. Kuerz drop fänken d'Nazien un, d'Judden an Osteuropa ze deportéieren, zum Beispill op Auschwitz. 700 Judden aus Lëtzebuerg a 600 anerer, déi a Frankräich an an d'Belsch geflücht waren, sinn esou deportéiert ginn. Si si bal all ëmbruecht ginn, souwéi sechs Millioune Judden aus ganz Europa. Dëst Verbriechen nennt een Holocaust oder Shoah.

Wat de Kurt grad gemaach huet, war verbueden a geféierlech. Zënter Juli hunn d'Judden net méi däerfen an e Kino – och net an en Theater, eng Schwämm oder e Park. Si hate keen Zougang méi zu ëffentleche Plazen. An zënter dësem Mueren hu si missen e „Juddestär" droen – e Stär mat sechs Zacken aus gielem Stoft mam Wuert „Jude" a grousse schwaarze Buschtawen drop. Seng Mamm hat him de Stär op de Mantel gebutt. Hien hat en ënner sengem laange Schal verstoppt, fir an de Kino ze kommen.

E souz um zweete Balcon an huet gehofft, dass d'Jeanne geschwë géif kommen. De Projectionnist war fein, duerch hien hat en de Kontakt mat senge Frënn kënnen oprechterhalen. Mee iergendee kéint en erkennen an d'Villa Pauly louch direkt derniewent. Do war de Sëtz vun der Gestapo, der „Geheimpolizei" vun den Nazien, déi, déi d'Judden, d'Resistenzler an all déi aner verfollegt huet, déi d'Nazien als hir Feinde betruecht hunn.

„Salut." D'Jeanne war endlech do, a senger BDM-Uniform.

„Huet deng Führerin dech goe gelooss?", huet de Kurt gefrot.

„D'Ilse? Natierlech net! Ech wäert em soen, dass ech krank war. Souwisou ass et wéi meng Elteren. Et mengt, ech wier vill ze brav fir kënnen ze léien. An du, wéi hues du et ronnkritt?"




„Ech sot mengen Elteren, dass ech no der Madamm Mayer géif kucke goen."
„Déi al Hex vum ieweschte Stack?"
„Och, weess de, se ass eigentlech immens léif. Si weess esouguer, dass ech hei sinn."

Wéi vill aner Lëtzebuerger Judde war d'Madamm Mayer net begeeschtert, wéi déi éisträichesch Judden ukoumen. Mee dat war laang hier. D'Nazien hunn d'Judden all d'nämmlecht behandelt, egal, ob se aus Lëtzebuerg, Éisträich oder Pole koumen.

D'Luuchte sinn ausgaangen an d'Leinwand gouf hell. Fir d'éischt koumen déi däitsch Noriichten, mat de Biller, wéi déi däitsch Arméi eng Schluecht no där anerer a Russland gewonnen huet. Et war depriméierend. An dunn huet de Film ugefaangen. Dem Jeanne seng Hand huet dem Kurt seng beréiert. Hien huet net bougéiert. Am Ufank, well en net sécher war, ob hatt et mat Absicht gemaach hat, an duerno, well en dee Kontakt net wollt zerstéieren. Si sinn allen zwee de Rescht vum Film esou sëtze bliwwen, stomm a steif wéi Statuen.

Wéi se sech getrennt hunn, sot d'Jeanne zum Kurt: „Gesi mer eis geschwënn erëm?" An hien huet geäntwert: „Sécher", obwuel en him hätt misse soen: „Nee, dat geet leider net. Mir kruten e Schreiwes vun der Police, dass mer ausgesidelt ginn. Anscheinend gi mer a Pole geschéckt. Den Zuch fiert iwwermar."
Mee en hat net de Courage, dem Jeanne d'Wourecht ze soen.

1 Antisemittesch Propaganda vun den Nazien an enger Fënster, 1944.
2 „Juddestär". D'Judden zu Lëtzebuerg hunn e vum 15. Oktober 1941 un op hirem Gezei mussen droen.

# Wann een deng Fräiheet aschränkt

Wéi d'Nazien d'Demokratie ofgeschaaft hunn, goufen d'Judden no an no diskriminéiert a vum alldeegleche Liewen ausgeschloss. Fonctionnairen a Polizisten hu bei dëser Politik matgemaach. Vill Leit hunn net matkritt, dass d'Judden a Vernichtungslager koumen. Et gouf awer och Leit, déi de Judde gehollef hunn, sech ze verstoppen an déi Widderstand géint d'Nazie geleescht hunn.

WÉI ENG MOOSSNAME GÉIFEN DENG FRÄIHEET AM MEESCHTEN ASCHRÄNKEN?
(MAACH E KREES ËM MAX. 3 ÄNTWERTEN)

- KENG SCHOUL
- KEE KINO
- KEE SHOPPING
- KEE SPORT
- KEEN TELEFON
- KENG SCHWÄMM
- KENG REESEN
- KENG HAUSDÉIEREN

Dat alles war iwwregens wärend der Nazi-Besatzung fir d'Judde verbueden.




# D'Leeder vum Haass

Hei ass d'Leeder vum Haass. Entdeck, wat geschitt, wann s du déi eenzel Sprëss eropklëmms.

Wat häls du vun der Leeder vum Haass?
Wiel 2 Äntwerten a schreif nach eng eegen derbäi.

- ◯ Ech klammen net op dës Leeder.
- ◯ Sou wiisst den Haass, Sprass fir Sprass.
- ◯ Wann ech richteg rose sinn, bleiwen ech eng Zäit laang op der Leeder stoen.
- ◯ Du kanns d'Leeder eropklammen, du kanns se awer och nees erofklammen.
- ◯ Ech brauch kee Feind.
- ◯ Dat geschitt heiansdo an de soziale Medien.
- ◯ ______________________________

______________________________

# Léift an Haass

E Grousspapp geet mat sengem Enkel laanscht de Floss spadséieren.
„Bopa, du kucks esou besuergt. Wat ass lass?“
Deen ale Mann otemt schwéier.
„A mengem Häerz kämpfen zwee Hënn mateneen.“
„Wéi heeschen déi Hënn?“
„Léift an Haass“, äntwert de Bopa.
Dee Klenge kuckt de Bopa grouss un:
„Wie gewënnt?“
„Deen Hond, deen ech fidderen.“





Wat wëll eis déi Geschicht mat den zwee Hënn soen? Wiel zwou Méiglechkeeten an denk der eng drëtt aus.

- ◯ Dass d’Leit Engele sinn.
- ◯ Dass Léift an Haass a jidderengem vun eis stiechen.
- ◯ Dass zwee Hënn matenee kämpfen.
- ◯ Dass een d’Wiel huet, wat an engem ëmmer méi staark gëtt: Léift oder Haass.
- ◯ Dass een iwwerhaapt näischt ännere kann.
- ◯ ______________________________

______________________________

______________________________

______________________________

______________________________

______________________________



# An deng Bridder, wat hu si wëlles?

1. SEPTEMBER 1942, ZWEE DEEG NO DER UKËNNEGUNG, DASS DÉI JONK LËTZEBUERGER ZWANGSREKRUTÉIERT GINN.



„Hues de héieren, wat gëschter zu Wolz geschitt ass?“, huet d’Rose de Charel um Wee fir an d’Schoul gefrot. „D’Leit hu géint de Militärdéngscht gestreikt! Si hunn d’Aarbecht niddergeluecht a sinn, anscheinend, souguer duerch d’Stroosse gezunn. Déi Däitsch ware schwäiwëll.“
„Jo, ech weess, mäi Papp huet dovu geschwat. Op der Schéfflenger Schmelz hunn d’Aarbechter hënt och gestreikt. Mäi Papp a seng Kolleegen hunn dat och elo wëlles.“

De Gauleiter hat sonndes owes ugekënnegt, dass d’Lëtzebuerger Jongen tëscht 20 a 24 Joer alleguer an déi däitsch Arméi missten. Säitdeem hunn déi Erwuesse refuséiert, deenen Däitschen ze paréieren. Hire schlëmmsten Albdram war wouer ginn: Hir Kanner sollte forcéiert ginn, fir Nazi-Däitschland an de Krich ze zéien.
„Bass de der bewosst, dass all déi jonk Leit, déi iwwerhaapt net gefrot goufen, fir déi stierwe kéinten, déi eis besat hunn?

Dat ass dach egal wat!“, sot de Charel opgewullt. „An deng Bridder? Wat hu si lo wëlles?“

Dem Charel säi Bléck gouf méi haart. D’Rose hat Recht. De Jean-Pierre an de Michel ware geschwënn al genuch, fir an déi däitsch Arméi ze mussen. „Ech weess et net. Fir mäi Papp kënnt et net a Fro, dass si déi däitsch Uniform droen. Mee si selwer zécken. Si hunn zwar keng Loscht, an d’Arméi ze goen, mee si fäerten, dass d’Nazien dann eis Famill kujenéieren, wa se sech weigeren.“ „Weess de wat, Charel? Déi eenzeg Manéier, dat ze verhënneren, ass, wa mer alleguer streiken. Och mir, an der Schoul!“

E bësse méi spéit, a senger Klass, huet de Charel sech net misse vill ustrengen, fir seng Komeroden ze iwwerzeegen. Si all konnten den Här Wagener, hire Schoulmeeschter, net leiden, dee sech schlëmmer beholl huet wéi en Däitschen. Wéi deen dunn endlech zur Dier erakoum, sot en: „Moie Kanner. Setzt iech, ech hunn iech eppes Wichteges matzedeelen.“

Et war fir d’éischt an zwee Joer, dass si hien an der Schoul hunn héiere Lëtzebuergesch schwätzen. „Nodeems, wat an de leschten Deeg geschitt ass, wäert de Gauleiter warscheinlech den ‚Ausnahmezustand‘ ausruffen. Dat bedeit, dass all déi, déi verdächtegt ginn ze streiken, verhaft kënne ginn. Zu Wolz an zu Schëffleng goufe scho Leit, déi gestreikt hunn, verhaft. Deen een oder anere vun hinne wäert zum Doud verurteelt ginn. Ënner dësen Ëmstänn zitt d’Léierpersonal et vir, d’Schoul haut ausfalen ze loossen. Gitt elo heem a verspriecht mer, keng Dommheeten ze maachen. A provozéiert op kee Fall déi Däitsch.“

Dat hat de Charel net erwaart. Mat schwéierem Häerz ass en heemgaangen an huet u säi Papp a seng Bridder geduecht.

## Wie sinn déi Zwangsrekrutéiert?

1942 kënnegen déi Däitsch un, dass d’Lëtzebuerger als Zaldoten an déi däitsch Arméi mussen. Dat féiert zu enger grousser Roserei ënner de Leit, déi net wëllen, dass hir Kanner am Krich fir d’Nazie stierwen. Aus Protest leeën se d’Aarbecht nidder: Se streiken! D’Nazie reagéiere mat Gewalt. 125 Grevistë gi verhaft, 21 ginn der zum Doud verurteelt. Trotz de Protester gi vun 1942 bis 1944 10.200 Lëtzebuerger Jongen tëscht 18 a 24 Joer zwangsrekrutéiert a 4.000 Meedercher am selwechten Alter. Déi mussen awer net als Zaldote kämpfen. Knapps 3.000 Zwangsrekrutéiert falen am Krich, 2.000 gi gefaange geholl. Déi sech weigeren, déi däitsch Uniform ze droen, riskéieren hiert Liewen an hir Famill kann alles verléieren. Nawell zéien 2.000 jonk Männer et vir, sech zu Lëtzebuerg ze verstoppen. Weider 1.500 Jonker verloossen d’Land.







1 Um Plakat ginn d’Doudesurteeler bekanntgemaach vu Leit, déi gestreikt hunn, September 1942.

2 Depart vun den Zwangsrekrutéierten op der Hollerecher Gare, 1942.


# Wat sollt dem Charel säi Brudder maachen?

Analyséier all eenzel Optioun a verbann se mat engem Stréch mat de méigleche Konsequenzen.


AN D'ARMÉI GOEN A BEI ÉISCHTER GELEEËNHEET FORTLAFEN




KRANK SPILLEN



FOLLEGEN AN AN D'ARMÉI GOEN



SECH OP ENGER SÉCHERER PLAZ VERSTOPPEN



A wann déi Däitsch erausfannen, dass et net stëmmt?

D'Famill gëtt bestrooft.

Desertéiere gëtt mam Doud bestrooft.

E kéint un der Ostfront stierwen.

GESÄIS DU ENG ANER MÉIGLECHKEET?

# Déi véier Fräiheeten

Bis elo weist d'Geschicht vum Charel, dem Kurt, dem Jeanne an dem Rose, wéi staark den Naziregimm d'Fräiheet vun de Leit ageschränkt huet. Zur nämmlechter Zäit, 1941, huet den amerikanesche President Franklin Roosevelt déi 4 Fräiheete genannt, op déi all Mënsch op dëser Welt e Recht sollt hunn.

## D'CHAMBER HAUT

D'Biller hei ënnendrënner weisen, wéi eng 4 Fräiheeten et sinn a wat geschitt, wann ee se ofschaaft.

Du hues d'Recht, deng Meenung ze soen.



Du hues d'Recht ze gleewen, u wat s de wëlls.

Du hues d'Recht, genuch ze hunn, fir dovu kënnen ze liewen.

Du hues d'Recht, an dengem Land a Sécherheet ze liewen.

## D'CHAMBER AM KRICH

Dir hutt net d'Recht ze soen, wat dir denkt.

Déi aner soen iech, wat dir gleewe musst, an dir kënnt net oppen dergéint rebelléieren.




Dir hutt oft Angscht virun der Regierung an d'Police kann iech verhaften.

D'Leit kämpfe just fir sech selwer a keen denkt un déi aner.


**Wat ergëtt sech fir dech aus dem Text op deenen zwee Biller?**

- ◯ Fräiheet gëtt et nëmmen, wann ee fir se kämpft.
- ◯ Ech hätt gär, dass d'Fräiheet an alle Länner existéiert.
- ◯ Ech wëll meng Fräiheet genéissen.
- ◯ Fräiheet ass eppes Normales fir mech.
- ◯ Ech wëll mech fir d'Fräiheet vun deenen aneren asetzen.
- ◯ Fir mech kënnt jiddereen als fräie Mënsch op d'Welt.
- ◯ ______________________________

______________________________

______________________________

# Mir wëssen, wat s du fir eis riskéiers



JUNI 1944, E PUER DEEG IER DÉI ALLIÉIERT AN DER NORMANDIE LANDEN.

D'Rose ass mat sengem Papp sengem ale Vëlo de Péitrussbierg erofgedosch. Deen Deel vum Wee hat et am léifsten. Allkéiers, wann et Liewensmëttele sollt iwwerbréngen, krut et e bëssen Angscht, a wann dat geschitt ass, huet et ëmmer Gas ginn. Kuerz ier et am Gronn ukoum, hat e bal en däitschen Zaldot ëmgerannt. Et hat en zwar mat Zäit gesinn, mee et ass em awer express eréischt a leschter Sekonn ausgewach.

A manner wéi zwou Stonne war et zu Schieren. D'Madamm Hoffmann huet em d'Dier opgemaach:
„Moien, Rose. Wéi war et ënnerwee?"
„Alles an der Rei. Wéi geet et de Jongen?"
„Si musse sech dee ganzen Dag verstoppt halen an hunn näischt ze dinn. Kee Wonner, dass se sech langweilen. Géi bis eriwwer, se waarde schonn ongedëlleg op dech."



D'Madamm Hoffmann, eng Wittfra, hat an hirer Scheier dräi jonk Borschte verstoppt, déi sech geweigert hunn, déi däitsch Uniform ze droen. Ënner hinnen de Jean-Pierre an de Michel, dem Charel seng Bridder. Eemol d'Woch huet d'Rose hinne Liewensmëttelen aus sengen Elteren hirer Epicerie bruecht. Heiansdo war och Post derbäi.
„Jean-Pierre, Michel, ech hunn e Bréif fir iech", huet et geruff, wéi et duerch d'Scheierpaart war.

## Wie sinn d'Resistenzler?

Resistenz bedeit, sech net alles gefalen ze loossen a géint d'Nazien, hir Iddien an d'Diktatur ze kämpfen. Obwuel se hiert d'Liewen an dat vun hirer Famill op d'Spill setzen, ginn Dausende vu Männer a Fraen dëse Wee. Et si vill jonk Leit dorënner, heiansdo Jugendlecher. Ënner den éischte Resistenzler sinn eng ganz Rei Scouten. Am Ufank ruffe se d'Leit dozou op, duerzehalen, an hëllefen deenen, déi verfollegt ginn. Duerno hëllefen se Dausende vun Zwangsrekrutéierten, sech ze verstoppen oder d'Land ze verloossen. Verschiddener ginn an déi amerikanesch, englesch, belsch oder franséisch Arméi. D'Nazie joe se an d'Resistenzler mussen all Moment domat rechnen, verroden ze ginn. Op d'mannst 4.000 kommen an e KZ, z. B.op Hinzert, Natzweiler oder Mauthausen. Bal 800 bezuelen hire Courage mam Liewen.





1 Fir net an déi däitsch Arméi ze mussen, verstoppe sech eng Rei Zwangsrekrutéierter an de Minièren, déi a „Bunkeren" ëmfonctionéiert ginn. Hei gesäit een eng Grupp vu Resistenzler am Bunker „op der Rundschelt" bei Kauneref.

2 Arméiert Resistenzler virun dem Diddelenger Stadhaus wärend der Befreiung. Vill vun hinne waren Zwangsrekrutéierter, déi sech verstoppt haten, September 1944.

„Vun eisen Elteren?", huet de Michel gefrot. „Dat ka gutt sinn, e kënnt aus dem Osten", huet d'Rose geäntwert.

Well de Jean-Pierre an de Michel net an déi däitsch Arméi wollten, waren hir Elteren an de Charel an Ostdäitschland ëmgesidelt ginn.
„A wat hues de soss nach Gutts an dengem Kuerf?", frot de Jean-Pierre.
„Dir hutt déck Chance, haut hunn ech iech e Stéck Zoossiss matbruecht. Si ass vu menger Tatta aus dem Éislek", huet d'Rose geäntwert a geschmunzelt. An dësen Zäite war et schwéier, u Fleesch ze kommen.
„Rose, et ass eis bewosst, dass du, deng Elteren, d'Madamm Hoffmann an déi aner Leit aus der Resistenz, immens vill riskéiert, well dir eis verstoppt. Mir sinn iech immens dankbar dofir", sot de Jean-Pierre.

D'Rose ass rout ginn. Et war e bësse genéiert, well en Erwuessenen dat zu him sot, mee et war och e bëssen houfreg. An duerfir sot et:
„Mir sinn zu allem bereet, wann et drëms geet, d'Preisen aus dem Land ze verdreiwen!"
„Déi Däitsch sinn net de Problem", huet de Jean-Pierre dorops gemengt, „et gëtt gudder a schlechter. De Problem sinn d'Nazien, dat si Mäerder an Tyrannen."

D'Rose ass sech op eemol zimmlech domm virkomm. De Jean-Pierre hat et wuel gespuert, well en huet net weider insistéiert an d'Enveloppe opgemaach.
„De Bréif ass vum Charel!"

# Widderstand, wat heescht dat?

Heiansdo geschéie schlecht oder onangeneem Saachen an dengem Liewen an du géifs am léifste just „Nee" soen. Du wiers dech: Dat ass Widderstand. Vläicht géint eng Reegel an der Schoul, déi s du ongerecht fënns, géint Déierequälerei, géint Mobbing.

Fält dir eppes an, géint dat s du dech wëlls wieren?

___

Jiddweree reagéiert anescht bei Ongerechtegkeeten. Wéi eng Reaktioun kéint deng sinn?

- ◯ Ech ginn immens rosen an ech fueren direkt an d'héi Luucht.
- ◯ Et ass mer egal: „Ech ka souwisou näischt änneren."
- ◯ Ech maachen, wéi wann ech näischt matkrit, a gi menger Wee.
- ◯ Ech kréien Angscht a maache mech onopfälleg aus dem Stëbs.
- ◯ Ech fänken un, mer Froen ze stellen: „Wat geschitt hei?"
- ◯ Ech fänken un, mech ze froen, wéi ech mech wiere kann.
- ◯ Ech kucken d'éischt, ob och aner Schüler dës Ongerechtegkeet matkréien, dann handelen ech.

KUCK, FIR LEIT RONDERËM DECH ZE FANNEN, DEENEN ET GENEE ESOU GEET, AN HANDELT ZESUMMEN.

Gewalt ass eng Méiglechkeet, mee déi ka geféierlech ginn. Et kann ee selwer verletzt ginn. Wa Krich ass, muss Widderstand heiansdo op Gewalt zeréckgräifen. An eisem Alldag sollt een awer probéieren, e Konflikt mat Wierder ze léisen.

1. Verschidde Schüler a Schülerinne gi beleidegend, wann hinnen eppes net passt.
   - ◯ Ech verstinn, dass Beleidegungen d'Leit verletzen oder se traureg maache kënnen.
   - ◯ Si benotzen déi Wierder, ouni driwwer nozedenken. Stopp! Wierder hunn eng Bedeitung.
   - ◯ Dat ass net perséinlech gemengt, et war net hir Absicht, een ze beleidegen.

2. Et gëtt Kanner, déi Witzer maachen iwwer Leit, déi asiatesch ausgesinn oder eng däischter Hautfaarf hunn.
   - ◯ Ech mengen, dat ass just aus Spaass.
   - ◯ Ech hu Witzer net gär, déi anerer diskriminéieren, an ech soen dat och.
   - ◯ Dat ass mer egal. Heiansdo ginn ech och als Bauereknuet oder dommt Blondche vernannt.

3. E Jong sëtzt am Bus op enger Plaz, déi fir eeler Leit oder Leit mat Behënnerunge reservéiert ass. Nieft him steet eng Fra, déi sech bal net méi op de Been hale kann.
   - ◯ Ech froen de Jong frëndlech, der Fra seng Plaz ze iwwerloossen.
   - ◯ Ech soen näischt, vläicht huet hien och eng Behënnerung an et gesäit ee se just net.
   - ◯ Ech wëll keng opféieren a soen näischt. Ech géif warscheinlech och sëtze bleiwen.

4. E Mann drängelt sech an der Schlaang virun der Keess am Supermarché vir.

- 🟡 Ech notzen d'Geleeënheet, fir nach e Snack ze kafen.
- ⚪ Ech drécken en eng Kéier duuss mam Caddie.
- 🟣 Ech soen: „Monsieur, ech war virun Iech do" a ginn erëm op meng Plaz.

5. An denger Grupp gëtt hanner engem Schüler sengem Réck schlecht iwwer e geschwat. Du mierks, dass dat em penibel ass an hie sech zeréckzitt.

- 🟡 Ech soen näischt, soss sinn ech deen Nächsten.
- ⚪ Wann dee betreffende Schüler eng Kéier net do ass, soen ech deenen aneren, se sollen domat ophalen.
- 🟣 Ech kontaktéieren de Schüler an ech maachen en Treffe mat him aus, fir zesummen eppes ze ënnerhuelen.

6. Du gesäis, wéi e Schüler vun enger Léierpersoun ongerecht behandelt gëtt.

- 🟡 Nom Cours ginn ech mam Schüler bei d'Léierpersoun, fir driwwer ze schwätzen.
- ⚪ Ech maachen näischt, esou eppes ka jiddwerengem passéieren.
- 🟣 Ech traue mech net, eppes ze maachen, well ech fäerten, dass d'Léierpersoun soss mech um Napp huet.

# Wéini wieren ech mech?

Maach den Test a fann eraus, wat et fir dech bedeit, sech ze wieren. Maach e Rondel ëm deng Äntwert.

Kuck elo, wéi vill Punkten s du bei all Fro kruuts.

| Fro | 🟡 | ⚪ | 🟣 | Zomm |
|---|---|---|---|---|
| 1 | 1 | 2 | 0 | |
| 2 | 0 | 2 | 1 | |
| 3 | 2 | 1 | 0 | |
| 4 | 1 | 0 | 2 | |
| 5 | 0 | 2 | 1 | |
| 6 | 2 | 0 | 1 | |
| **Zomm** | | | | |

LIES DE KOMMENTAR, DEEN ZUR ZUEL VUN DE PUNKTE PASST, DÉI S DU KRUUTS.
BASS DE AVERSTANE MAT DEEM, WAT DO GESOT GËTT?

⚪ JO ⚪ NEE

### ⚪ 0 BIS 4 PUNKTEN

Du sees net dacks NEE. Et schéngt dech net wierklech ze këmmeren, wat ronderëm dech geschitt. Du reegs dech net op. Du fënns, dass e Witz, och op Käschte vun engem aneren, sollt erlaabt sinn. Fënns de net, dass den Drock vun deenen anere kann nerven? Heiansdo ass et gutt, sech selwer oder anerer ze verteidegen.

### ⚪ 5 BIS 8 PUNKTEN

Heiansdo wiers de dech, mee dacks bleifs de léiwer virsiichteg. Sech wiere bedeit, dass et Kläpp ka ginn an ee Risike muss agoen. Vläicht fills de dech hilflos an du mengs, du kéints dach näischt änneren. Heiansdo gëss de rosen. Looss d'Situatioun net eskaléieren. Et ass besser, mateneen ze schwätzen, wéi sech ze zerklappen.

### ⚪ 9 BIS 12 PUNKTEN

Et fält der liicht, NEE ze soen, wann s de Affer oder Zeie vun enger Ongerechtegkeet gëss. Du verstees net, firwat anerer näischt maachen. Sech wieren ass net einfach, d'Reaktioune kënnen hefteg sinn, mee dat mécht der näischt aus. Wie weess, vläicht stécht deng Haltung anerer jo un?

# D'Decke war esou voller Lais, dass se gewibbelt huet

JUNI 1944, E PUER DEEG IER DÉI ALLIÉIERT AN DER NORMANDIE LANDEN.



Salut Rose,

et geet eis eenegermoossen. Vläicht komme mer scho geschwënn hei eraus. De Papp huet eng Aarbecht fonnt, eng Stonn ewech vum Lager Trebnitz, wou mir grad sinn. D'Fabrick ass zu Breslau. Déi Däitsch erlaben eis, do ze wunnen. Si hunn eis awer gesot, dass mir ni méi hannescht op Lëtzebuerg dierfen. Virun engem Mount hat eng Fra aus dem Lager et probéiert. Si ass einfach gaangen, ouni engem eppes ze soen. Déi Däitsch hu se erwëscht a mir sinn all wéinst hir bestrooft ginn. Zwou Woche laang hu mir net dierfen eraus a keng Post méi verschécken an och keng kréien.

Eent ass sécher: Egal wou mer hikommen, et ass besser wéi zu Trebnitz. Wéi mer dëse Wanter ukoumen, si mer zu 180 an e puer fuerchtbar knaschteg Baracke gestach ginn. D'Decken hunn elle geroch. Een Ablack duechte mer, eng dovu wier lieweg. Si war esou voller Lais, dass se sech beweegt huet. De Papp war guer net frou an huet ugefaangen ze bierelen. D'Mamm huet e misse berouegen. Dunn huet se eng Kierbiischt geholl an ugefaangen ze botzen. Um Enn huet jiddereen dat gemaach an den Dortoir huet lues a lues méi manéierlech ausgesinn.

D'Mamm seet déi ganzen Zäit, dass alles an der Rei ass. Mee am Moment huet se de Réck erëm immens wéi, well déi Däitsch eis forcéieren, op de Felder ze schaffen. A weess de wat? Si géif léiwer stierwen, wéi hinnen de Gefalen ze doen, se jéimeren ze gesinn. Fir sech Mutt ze maachen, séngt se lëtzebuergesch Lidder. Dat mécht d'Wärtere geckeg. „Hei gëtt Däitsch geschwat", soen se. Weess de, wat se hinne geäntwert huet? „Ech schwätzen net, ech sangen!" Si wossten net méi, wat se dorop sollte soen. Du häss hir Gesiichter misse gesinn.

Weess du wat mat mengem Cousin Pol geschitt ass? E gouf dëst Joer zwangsrekrutéiert an d'sowjetesch Arméi huet e gefaangen. E sëtzt elo an engem Krichsgefaangenelager a Russland, a säitdem hu mer näischt méi vun him héieren. A wéi geet et dir? Fiers de nach ëmmer mam Vëlo spadséieren? Wa jo, dann huel du weess scho weem e schéine Bonjour mat. Ech si sécher, dass mer geschwënn erëm all zesumme sinn.

Vill Gréiss vun Trebnitz
Charel





## Wie sinn déi Ëmgesidelt?

Fir d'Lëtzebuerger ze bestrofen, déi deenen Däitschen net follegen oder sech verstoppen, fir net an d'Arméi ze mussen, ginn hir Famille vun den Nazien „ëmgesidelt". Si huelen hinnen hir Haiser ewech a sidele se Honnerte vu Kilometer vu Lëtzebuerg ewech un, ouni eng Méiglechkeet, erëm heemzegoen. Méi wéi 4.000 Männer, Fraen a Kanner aus Lëtzebuerg erleiden dëst Schicksal. Vill vun deenen Ëmgesidelte kommen a Lageren, wou se forcéiert ginn, fir déi Däitsch ze schaffen.

Éischten Transport vun „ëmgesidelte" Familien, virun der Hollerecher Gare, de 17. September 1942.

# Pak deng Wallis!




Heiansdo musse Leit wéinst engem Krich oder well se wéinst hirer Relioun, hirer Meenung oder hirer Orientéierung verfollegt ginn, aus hirem Land flüchten. Si kënnen an engem anere Land Asyl ufroen. Dat ass e Mënscherecht.

Stell der vir, du misst vun haut op mar an en anert Land flüchten. Du hues eng Stonn Zäit, fir deng Wallis ze paken.



# Den Accueil vu Flüchtlingen




A wéi enger Zort Land wéilts du gär opgeholl ginn?

○ Et ass mer egal, soulaang et sécher do ass.

○ Iergendwou, wou ech mat anere Kanner spille kann.

○ Iergendwou, wou d'Leit mech frëndlech behandelen.

○ Iergendwou, wou ech mat anere Flüchtlingen isoléiert ka liewen.

○ ______________________________

______________________________

______________________________

Wiel 4 Rotschléi fir Kanner, déi nei an denger Klass oder denger Strooss sinn.

○ Zéck net, ze froen, wann s de eppes net verstees.

○ Versich mat deenen aneren am Schoulhaff ze diskutéieren.

○ Fro déi aner Kanner, wéi alles hei fonctionéiert.

○ Fro däi Papp oder deng Mamm, ob s de mat eis däerfs am Park spillen.

○ Léier, de Leit „Moien" ze soen.

○ So dengen Elteren, si solle sech ëmmer iwwer alles informéieren, wat esou am Quartier lass ass.

○ ______________________________

______________________________

Nr.

Maach eng Ranglëscht vun de Rotschléi, déi s du ausgewielt hues. Gëff dengem Liblingstipp d'Nummer 1. Huel vu jiddwerengem d'Nummer 1 a maach e Poster doraus.

# Wéi d'Nazien zeréckkoumen, souze mer an der Fal ...







## D'Ardennenoffensiv, wat ass dat?

Den 9. September 1944 marschéieren amerikanesch Truppen an d'Land an. Dräi Deeg méi spéit ass Lëtzebuerg befreit. Mee de Krich ass nach net eriwwer an am Dezember 1944 geschitt dat Onerwaart: Déi däitsch Arméi gräift nach eemol un. Et ass den Ufank vun der Ardennenoffensiv. D'Éislek an d'Musel ginn eng weider Kéier besat. Ganz Uertschaften, wéi Iechternach, ginn zerstéiert. Dausende vu Leit musse flüchten. Am Februar 1945 geléngt et den Amerikaner endlech, déi Däitsch zeréckzedrängen. Bei der Ardennenoffensiv koume vill Leit ëm d'Liewen.

1 Dat zerstéiert Maarnech no der Ardennenoffensiv, 1945.
2 En amerikaneschen Zaldot inspizéiert en däitsche Bunker.

D'Rose a säi klenge Brudder Marcel souzen zënter dem Virowend am Keller. Et gouf eng weider Explosioun, dës Kéier war se nobäi. D'Maueren hu geziddert, déi Erwuesse si bleech ginn. Eng eeler Damm, déi nieft hinne souz, huet sech op eemol eriwwer bei de Marcel gebéckt.
„Hei, Klengen, fir dech. Mee so et net weider. Et ass net genuch fir se all."
„Merci", huet de Marcel gepëspert a mat groussen Aen op déi al Schmier gekuckt. D'Rose hat nach ni esou eng dënn Tranche Zoossiss gesinn.

„Wéi kommen zwee Kanner aus der Stad heihinner?“, frot déi eeler Damm an huet dës Kéier d’Rose ugekuckt.

D’Rose huet gezéckt fir ze äntweren. Schliisslech huet et déi Fra net kannt. Mee dunn ass et awer mat der Sprooch erausgeréckt:
„Virun engem Mount hunn eis Elteren eis op Maarnech geschéckt, bei eis Tatta. Mir sollten Eeër a Speck vun do matbréngen. Et ass schwéier, dat an der Stad ze kréien. Wéi d’Nazien dunn erëmkoumen, souze mer an der Fal.“
„An dobäi hu mer am September d’Befreiung gefeiert.“ Déi eeler Damm huet traureg de Kapp geräselt.
„A wou kënnt Är Zoossiss hier?“, huet d’Rose gefrot.
„Wéi déi däitsch Zaldote sech bei eis aquartéiert hunn, hu se eis eis Schwäin, eis Kéi an déi ganz Gromperen ewechgeholl. Mee zum Gléck konnte mer nach e puer Liewensmëttelen ënner dem Holzkoup hanner der Scheier verstoppen.“

D’Rose war hongreg a konnt net méi roueg sëtzen.
„Wou wunnt Dir dann?“
„Um Bauerenhaff hanner der Kierch, firwat?“
„Haut den Owend hu mer all eppes z’iessen“, sot d’Rose an ass bei d’Kellerdier gelaf.

Nach ier ee vun den Erwuessenen et konnt zeréckhalen, stoung et schonn dobaussen. Et war äiseg kal. D’Ruine vum Duerf louchen ënner enger Schnéidecken. Zënter zwou Wochen hunn déi amerikanesch Fliger déi Däitsch bombardéiert, déi sech an den Haiser verstoppt haten. Gëschter hat eng Bomm an d’Haus vu senger Tatta ageschloen.

Op eemol blouf d’Rose wéi ugewuess stoen. Et hat e Geräisch héieren. Et huet sech an de Gruef gehäit, mee et war schonn ze spéit. E Schiet mat engem Helm um Kapp huet sech iwwer hatt gebéckt an eng Stëmm sot:

„Hey kid, don’t stay there, it’s dangerous!“



# Wéini däerf e Land an de Krich zéien?



MAACH E KREES RONDERËM D'ZUEL AN DEEM FELD, DAT DENGER MEENUNG NO ZOUTRËFFT.

| E Land kann an de Krich zéien ... | guer net averstanen | éischter net averstanen | e bëssen averstanen | absolut averstanen |
|---|---|---|---|---|
| wann et ugegraff gëtt a sech verteidege wëll. | 4 | 2 | 1 | 0 |
| wann et Land zeréckkréie wëll, vun deem et mengt, dass et him gehéiert. | 4 | 3 | 2 | 1 |
| fir en Diktator ze stierzen, dee säi Vollek ënnerdréckt. | 3 | 2 | 1 | 0 |
| och mat Atombommen. | 6 | 5 | 1 | 0 |
| ni | 0 | 1 | 3 | 6 |

ZIEL D'PUNKTEN ZESUMMEN ___ + ___ + ___ + ___ = ___

A LIES D'AUSWÄERTUNG. BASS DE AVERSTANE MAM KOMMENTAR?

○ 2 BIS 6 PUNKTEN
Denger Meenung no wäert et ëmmer Kricher ginn. Du fënns, dass eng Arméi noutwenneg ass an dass se och Atombommen däerf asetzen.


○ 7 BIS 11 PUNKTEN
Fir dech ass eng Welt ouni Krich onméiglech. Du fënns, dass e Krich heiansdo néideg ass, fir d'Leit ze befreien an e Land ze verteidegen.

○ 12 BIS 17 PUNKTEN
Du wëlls e Krich léiwer vermeiden. Eréischt, wa friddlech Léisungen zu näischt geféiert hunn, kanns du e Krich akzeptéieren.

○ 18 ODER MÉI PUNKTEN
Du bass e Pazifist an du bass géint Gewalt, well se ëmmer zu Leed an Zerstéierung féiert. Et kann ee keen duerch e Krich befreien.

# Fann de Wee bei de Fridden!

Um Wee fënns de Buschtawen. Wann s de se hannereneelees, kriss de eng Definitioun vu Fridden.



_ _ _ _ _ _ _ _ _ _

_ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _

_ _ _ _ _ _ _ _ _ _

# Eis Eltere soen, dass mir eis net méi däerfe gesinn

SEPTEMBER 1945, 5 MÉINT NOM ENN VUM KRICH.

„… mir souzen enk openeen an engem Keller an hate bal näischt z'iessen. An dunn hunn ech mech gehuewen a gesot: ‚D'Amerikaner sinn do, ech gi se sichen …'"

D'Rose hat schonn op d'mannst zéngmol erzielt, wéi et d'Awunner vu Maarnech gerett hat. D'Jeanne huet sech net getraut, et ze ënnerbriechen. De Charel ass wéi ëmmer agesprongen.
„An ech sinn d'Russe siche gaangen! Wéi se am Februar 1945 Schlesien erreecht haten, hunn déi Däitsch d'Féiss an de Grapp geholl, déi haten eng rieseg Angscht."
„Krut dir Schockela vun de Russen?", frot d'Rose mat engem klenge Laachen.
„Ëëë, nee …", sot de Charel.
„Mir kruten Tonne Schockela vun den Amerikaner", huet d'Rose séier erkläert.

D'Befreiung war e Fest fir hatt, wéi fir déi meescht Leit. D'Resistenzler, déi all déi Joren esou grouss Risiken op sech geholl haten, konnten endlech eraus aus de Stoppen. Si hate sech mat den Amerikaner organiséiert, fir dass alles gutt sollt oflafen.

D'Jeanne huet guer kee Wuert gesot. Fir hatt war d'Befreiung en Albdram. Arméiert Resistenzler waren an hiert Haus agedrongen. Si hate säi Papp forcéiert, seng Nazi-Uniform unzedoen. Dunn hate se e mat anere Kollaborateuren duerch d'Stroosse marschéiere gedoen, ënner dem Gejäiz an de Beleidegunge vun den Awunner.

De Charel huet gemierkt, wéi et dem Jeanne bei deem Gespréich goung, an huet et gefrot:
„Hues de schonn eppes vun dengem Papp héieren?"
„Ech hunn e leschte Sonndeg gesinn. Wann d'Prisonéier aus dem Gronn an den Haff däerfen, da stelle meng Mamm an ech eis an de Clausener Bierg, fir en ënnen am Dall erblécksen ze kënnen. Mir hunn e Wärter gesinn, wéi en e Prisonéier geschloen huet … D'Wärter sinn immens brutal. Eng Kéier huet esouguer ee mam Gewier op eis geziilt."
„Et ass normal, dass se haart ëmgi mat de Verréider", ass et dem Rose erausgerutscht. Dat huet em awer wuel direkt leedgedoen an et sot:
„Mee et ass net deng Schold, Jeanne. Och wann eis Elteren eis verbidden, eis ze gesinn, mir loossen dech net am Stach."

D'Jeanne huet sech schrecklech geschummt. Wéinst sengem Papp … An och wéinst deem, wat mam Kurt a mat senger Famill geschitt war. Et wosst, dass si ni méi géifen erëmkommen. Et hat gelies, wat d'Nazien zu Auschwitz Schreckleches gemaach haten. Zënterhier huet et sech Virwërf gemaach. Wéi wann alles seng Schold wier.



## Wie sinn d'Kollaborateuren?

„Kollaborateuren" nennt een déi Leit, déi den Nazien hëllefen, entweeder fir e Virdeel ze kréien oder well se deenen hir Iddien deelen. 4.000 Lëtzebuerger ginn zum Beispill Member vun der Nationalsozialistescher Partei. D'Kollaborateure behalen hir Nopere stänneg am A an denunzéieren déi, déi d'Nazie kritiséieren, net paréieren oder Widderstand leeschten. Soubal Lëtzebuerg befreit ass, kréien d'Kollaborateuren d'Roserei vun hiren Noperen ze spieren. Dausende vun hinne kommen an de Prisong.





1 Amerikanesch Zaldote virun der Villa Pauly, Sëtz vun der Nazi-Geheimpolizei (Gestapo), bei der Befreiung, September 1944.
2 Lëtzebuergesch Kollaborateuren an der Nazi-Uniform beim Defilé um Pont Adolphe.

# Entscheedungen a Konsequenzen

Wa Krich ass, kann een net méi virun d'Dier goen a mat senge Frënn spillen. Et däerf een net méi soen, wat een denkt. Iwwerall lauert Gefor. Et kann ee kengem méi vertrauen. Et kann een als Verréider bezeechent oder direkt verhaft ginn. Et kann ee forcéiert ginn, Saachen ze maachen, déi een net maache wëll.

**ANALYSÉIER DÉI VERSCHIDDEN ENTSCHEEDUNGEN, DÉI D'LEIT AM KRICH GETRAFF HUNN.**



Mäin Numm ass Johann. Ech war e fanateschen Nazi-Sympathisant an ech si responsabel fir den Doud vun enger Rei Lëtzebuerger. Ech hu mech fräiwëlleg an déi däitsch Arméi gemellt.



Ech sinn de Pierre. No der Schoul hunn ech missen un den Aktivitéite vun der Hitlerjugend deelhuelen. E puer dovu waren interessant, mee mir hunn och misse „Mein Kampf" liesen, d'Buch vum Adolf Hitler.



Ech heesche Marguerite. Fir meng Plaz als Léierin net ze verléieren, hunn ech misse Member gi vu verschiddenen Nazi-Organisatiounen.



Mäin Numm ass Marcel. 1942 hunn ech missen an den däitschen Arbeitsdienst an duerno an d'Arméi. Ech hu misse géint d'Russe kämpfen an ech si Krichsgefaangene ginn.



Ech heesche Fiodor an ech kommen aus Russland. Als Krichsgefaangene sinn ech op Lëtzebuerg deportéiert ginn a gouf forcéiert, fir den Nazien hir Krichsindustrie ze schaffen.

A wéi enger Hisiicht kann een dëse Persounen d'Aart a Weis virgeheien, wéi si sech am Zweete Weltkrich verhalen hunn? Kuck der déi gro Zonen un a maach däi Kräiz op déi Plaz, déi dat erëmgëtt, wat s du denks.

| | KENG SCHOLD | DÉCK SCHOLD |
|---|---|---|
| JOHANN | | |
| PIERRE | | |
| MARGUERITE | | |
| MARCEL | | |
| FIODOR | | |

# Et deet mer leed

Wann s du dech schëlleg fills, well s de eppes Verkéiertes gemaach hues, dann deet dat der leed. Du wënschs der, du häss anescht gehandelt. Du wënschs der, du kéints et erëm guttmaachen, mee wéi?

Dem Jeanne säi Papp war e Kollaborateur. En huet den Nazie gegleeft a vill Leit verroden. Wéi laang sollt hien am Prisong bleiwen?



- ◯ Wann aner Leit duerch hie gelidden hunn, dann huet en et verdéngt, laang am Prisong ze bleiwen.
- ◯ En hat keng béis Absichten, e sollt esou séier wéi méiglech erëm fräigelooss ginn.
- ◯ Wann e séier erëm fräikënnt, da verletzt een domat déi Leit, déi ënner em gelidden hunn.
- ◯ ______________________________



Dem Rose deet et leed, wat hatt zum Jeanne iwwer Verréider sot. Et seet direkt, dass d'Jeanne seng Frëndin bleift. Kann d'Jeanne dat verstoen? Wéi géifs du reagéieren?

- ◯ Wa mir Leit wéigedoen hunn, sinn ech rose mat hinnen.
- ◯ D'Rose huet gewisen, dass him dat, wat et sot, leedgedoen huet. Also verzeien ech em.
- ◯ D'Rose huet Recht, ech géif mech terribel schummen.
- ◯ ______________________________

D'Wärteren am Prisong schloen dem Jeanne säi Papp. Si entschëllege sech net derfir, well se fannen, dass se am Recht sinn. Mee ass dat och esou? Wat mengs du?



- ◯ De Wärter huet warscheinlech gelidden an en huet d'Recht, sech ze rächen.
- ◯ Keen huet d'Recht, sech ze rächen, et gëtt Gesetzer an eng Justiz.
- ◯ Dem Jeanne säi Papp sollt herno probéieren, sech um Wärter ze rächen.
- ◯ ______________________________

Gëtt et eppes, wat dir leeddeet?

Wa jo, kanns de dat, wat s de gemaach hues, erëm guttmaachen?

Hues de eng Iddi, wéi s de dat maache kanns?

# Eng Hoffnung, déi Realitéit ginn ass

ABRËLL 1979, EE MOUNT VIRUN DEN ÉISCHTEN DIREKTE WALE FIR D'EUROPÄESCHT PARLAMENT.

Den 10. Juni sinn Europawalen, zesumme mat den nationale Parlamentswalen. Fir d'éischte Kéier ginn d'Europadeputéiert direkt vun de Wieler gewielt. En Interview mat engem vun de Kandidaten: dem Charel Koenig.

Luxemburger Blatt: Här Koenig, d'Europadeputéiert ginn dëst Joer fir d'éischte Kéier an enger allgemenger Wal gewielt. Firwat ass dat wichteg?

C. Koenig: Dass all Erwuessene wielen däerf, kéint normal erschéngen, wann een a Friddenszäiten opgewuess ass. Mee dat ass et net. Zu Lëtzebuerg huet et laang gedauert, bis d'Gebaier an d'Haiser am Norden an Oste vum Land erëm opgebaut waren. D'Konstruktioun vun Europa huet vill Zäit kascht a war heiansdo frustréierend. Mee et stëmmt, dass dacks d'Politiker sech drëm këmmeren. D'allgemeng Direktwal vun den Deputéierten erlaabt et de Bierger, Europa matzegestalten.

Luxemburger Blatt: Wat bedeit Europa fir Iech?

C. Koenig: Fir mech a meng Generatioun ass Europa eng Hoffnung, déi Realitéit ginn ass. Wien hätt am Krich geduecht, dass déi fréier Feinde sech erëm géife verdroen an zesummen eng Zukunft opbauen, an engem demokratesche Kader? Dat alles huet vill Méi kascht, virun allem vun däitscher Säit, wou ee sech bereeterklärt huet, sech der däischterer Vergaangenheet ze stellen.

Luxemburger Blatt: Dir selwer sidd am Krich deportéiert ginn. Sidd Der net rosen op déi Däitsch?

C. Koenig: Meng Elteren, déi politesch engagéiert waren, hu mer bäibruecht, tëscht den Däitschen an den Nazien ze ënnerscheeden. A Schlesien, dat haut zu Pole gehéiert, hunn ech ee vu menge beschte Frënn kenne geléiert, de Karlheinz. 1945 war och hien aus senger Heemecht verdriwwe ginn. Am Numm vu sengem Land, Däitschland, ware vill Grausamkeete geschitt, mee hie war deemools just e Kand, hien hat näischt Béises gemaach. Mir däerfen net vergiessen, mee et ass awer eis Flicht, tëschent kriminellen a gudde Mënschen ze ënnerscheeden, egal wou se hierkommen.







## Firwat gëtt et international Institutiounen?

Den Zweete Weltkrich war dee mäerderesch-ste Konflikt vun der Geschicht. En huet 50 bis 60 Millioune Leit d'Liewe kascht, dorënner déi 6 Milliounen Affer vun der Shoah. Mat den zwou Atombommen op Japan war de Krich eriwwer. Fir ze verhënneren, dass esou eng Katastroph sech nach eemol widderhëlt, ass nom Krich eng nei international Uerdnung geschafe ginn. International Organisatioune sinn entstanen, z. B. d'Vereenten Natiounen oder d'Europäesch Unioun. Si baséieren um Prinzip vum Dialog an der Kooperatioun. Dës Institutioune sinn esou fragil wéi Sandbuergen: Si mussen an all Generatioun nei opgebaut ginn.

D'Parlament vun der Europäescher Unioun zu Stroossbuerg.

# Fridden duerch Zesummenaarbecht

Nom Zweete Weltkrich gouf vill ëm déi Doudeg getrauert. Vill soten der: „Ni méi dat do!“ 1951 hu Frankräich, Däitschland, Italien, Groussbritannien, d'Belsch, Holland a Lëtzebuerg e Vertrag ënnerschriwwe fir d'Zesummenaarbecht, fir dass dëse Wonsch sollt Realitéit ginn. Dat war den Ufank vun deem, wat spéider d'Europäesch Unioun gouf.



Kooperéieren ass schwiereg bei esou ville Länner.



WAT BEDEIT DEE VERTRAG FIR LËTZEBUERG? NENN EE VIRDEEL AN EEN NODEEL.

Wuelstand, Demokratie, Fridden a Solidaritéit mat de Leit an Nout – dat war d'Zil vun de Grënner vun Europa. Dat ass och haut nach d'Zil vun dëser Kooperatioun, déi sech elo Europäesch Unioun nennt an zu där 27 Länner gehéieren. An der Europäescher Unioun kënnen d'Bierger iwwerall an Europa reesen a schaffen. Betriber kënnen ouni Problemer Wueren an anere Länner kafen oder verkafen.

# Wat hunn deng Virfare gemaach?


Fro deng Famill, wat är Virfaren am Zweete Weltkrich gemaach hunn. Vu wéi engen Erfarungen hu si gezielt? Hu se gelidden? Ware se aktiv bedeelegt? Oder hu se an engem Land gelieft, dat net vum Krich betraff war? Oder an engem Land, an deem et en anere Konflikt gouf?

# Monumenter

Sich d'Monumenter, déi et bei dir an der Géigend gëtt. Géi mat denge Frënn oder denge (Grouss)Elteren dohinner a maach Fotoe vun der Statu oder der Gedenkplack. Post d'Fotoen op Google Maps.

# Lëtzebuerg an Europa

Wat soll Lëtzebuerg selwer maachen a wat soll et zesumme mat deenen anere Länner vun der Europäescher Unioun maachen?

| |  |  |
|---|---|---|
| Sech verteidegen | ○ | ○ |
| D'Qualitéit vun de Liewensmëttel préiwen, déi aus anere Länner kommen. | ○ | ○ |
| D'Medikamenter kontrolléieren. | ○ | ○ |
| Bestëmmen, wien als Flüchtling an d'Land däerf kommen. | ○ | ○ |
| Krimineller verhaften. | ○ | ○ |
| D'Ëmwelt an d'Natur schützen. | ○ | ○ |
| Sécherstellen, dass d'Naturschutzgebidder fräi vu Gëfter bleiwen. | ○ | ○ |
| Friddensmissiounen a Länner schécken, wou Krich ass. | ○ | ○ |
| Gesetzer maachen, fir Kanner an de soziale Medien ze schützen. | ○ | ○ |
| **Wéi vill Fändelcher hues de gesammelt?** | | |

Wéi eng Conclusioun entsprécht denger Meenung am beschten?

- ○ Mir sollten zu Lëtzebuerg souwäit et geet eis eegen Decisiounen treffen.
- ○ Vill Problemer bestinn iwwer d'Grenze vum Land eraus. Mir musse se mat anere Länner zesumme léisen.
- ○ Eist Land sollt esou séier wéi méiglech aus der EU erausgoen.
- ○ Mir däerfe just kooperéieren, wann d'Länner all dovu profitéieren.
- ○ Mir sollten eis d'éischt ëm eis Matbierger këmmeren an d'Grenze fir Auslänner zoumaachen.

# Wat bréngt et, sech ze erënneren?

17. JUNI 2018, DEN DAG VUN DER AWEIUNG VUM MONUMENT ZUM GEDENKEN UN D'AFFER VUN DER SHOAH AN DER STAD.



Fir d'éischte Kéier huet de Kurt erëm e Fouss op Lëtzebuerger Buedem gesat. En hat d'Land verlooss a sollt stierwen, elo koum en erëm mat sengen Urenkelen: dem Emily, 12 Joer, an dem Aaron, 10 Joer. Wat un e Wonner gegrenzt huet, war eppes anescht: Eng Victoire!

„Lo so awer, fir e Geescht bass de ganz schéin al ginn!"

En huet sech esou séier ëmgedréit, wéi seng Gelenker dat nach erlaabt hunn, an d'Rose direkt erkannt. Mat iwwer 80 war et ëmmer nach voller Energie. En huet et an den Aarm geholl a si hu sech fest gedréckt.

„Wien ass dat?", frot den Aaron.

„Meng Frëndin Rose", huet de Kurt geäntwert. „Mir hunn eis kannt, wéi ech ongeféier an ärem Alter war."

„Hat Dir eisen Opa kontaktéiert?", wollt d'Emily wëssen.

„Jo, dat war ech. Ech hunn iwwer Internet recherchéiert a seng Spuer an den USA fonnt. Ech duecht, mäin Häerz géif stoe bleiwen."

„An du, Opa, hues du ni probéiert, deng Frënn erëmzefannen?", huet d'Emily nogebuert.

En huet net geäntwert, dass en eng aner gutt Frëndin, d'Jeanne Maroldt, zu London erëmgesinn hat. D'Jeanne huet zënter Laangem do gelieft. Hatt hat och all Verbindung zu Lëtzebuerg ofgebrach. Also sot e léiwer:

„Dach, ech hunn och um Internet recherchéiert. An do hunn ech en Interview mat mengem Kolleeg Charel fonnt, dee sech fir d'Walen opstelle gelooss hat. Mee ech hu mech net getraut, mech bei em ze mellen."

„Glécklecherweis hat ech méi Courage wéi s du!", ass d'Rose em an d'Ried gefall. „Kanner, wësst dir, firwat dir haut mat ärem Opa hei sidd?"

„Well en Denkmal fir d'Affer vun der Shoah ageweit gëtt", huet den Aaron séier gesot. D'Emily wollt weisen, dass hatt och Bescheed wosst:

„Den Opa seet, dass et ganz wichteg ass, well sech virdru keen dofir interesséiert huet, wat mat de Judden zu Lëtzebuerg geschitt ass."

„Dat ass net ganz verkéiert", sot d'Rose.

„Mee et ass och net ganz richteg. Looss mer soen, dass d'Shoah fir eng laang Zäit als eppes ganz Schreckleches betruecht gouf, dat Lëtzebuerg awer net direkt betraff huet."

„Firwat?", frot d'Emily.

„Well vill Judden Auslänner waren, wéi däin Opa a seng Elteren. Haut gesäit een dat anescht: D'Judden hunn zur Lëtzebuerger Gesellschaft gehéiert. Duerfir gouf d'Monument, dat Kaddish genannt gëtt, hei opgeriicht, matzen an der Stad."

„Wat bréngt et, sech ze erënneren?", frot den Aaron.

De Kurt hätt gär geäntwert:

„Et soll verhënneren, dass esou eppes nach eemol geschitt", mee huet en dat wierklech gegleeft? Also sot e just:

„Well et enges Daags un iech ass, dës Geschicht ze erzielen."



## Wéi gëtt un den Zweete Weltkrich erënnert?

Nom Krich wëllen déi meescht Leit, dass d'Resistenzler an d'Krichsaffer ni vergiess ginn. Iwwerall gi Monumenter opgeriicht. Zu deene gréisste gehéieren de Monument National de la Grève zu Wolz, d'Hinzerter Kräiz, national Gedenkplaz um Lampertsbierger Nikloskierfech, de Monument national de la solidarité an der Stad, an, net wäit dovun ewech, de „Kaddish", de Monument à la Mémoire des victimes de la Shoah. Zënter 2014 ginn och Stolpersteng virun deenen Haiser verluecht, wou Leit gewunnt hunn, déi vun den Nazien ëmbruecht goufen. An da gëtt et nach Veräiner an de Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale, déi d'Erënnerung un de Krich weiderginn. Si organiséieren zum Beispill Treffe mat den Iwwerliewenden, fir de Kanner nozebréngen, wat geschitt ass, a si ze encouragéieren, spéider hirersäits dës Erënnerunge weiderzeginn.





# Entwerf däin eegent Denkmal

Feinden, déi sech d'Hand ginn, e Revolver mat engem Knuet am Laf, e Schwäert, dat an e Plou verwandelt gouf: Iwwerall op der Welt schafe Leit Monumenter, fir un en Evenement ze erënneren oder hire Wonsch no Fridden auszedrécken. Wëlls de net och e Monument entwerfen?





Sich der en Theema. Denk u Fridden, Krich, Fräiheet oder Ënnerdréckung, Frëndschaft, Recht a Gerechtegkeet, Befreiung, Versönung. Oder wiel en anert Theema, eent, dat der um Häerz läit.

Maach eng Skizz. Hei sinn e puer Iddien:

- ◯ grouss Blummen
- ◯ grouss Buschtawen
- ◯ Leit, déi sech d'Hand ginn
- ◯ frou, rosen oder erféiert Gesiichter
- ◯ futtis Maueren oder Fënsteren
- ◯ gebéite Staangen
- ◯ zwee Fanger, déi d'Victory-Zeeche maachen
- ◯ A firwat keng Déieren als Symboler? Dauf (Fridden), Léiw (Muecht), Adler (Muecht a Kraaft), Hond (Loyalitéit).

Ass deng Skizz färdeg? Huel se als Basis, fir aus Gips, Lego, Papiermâché oder engem anere Material eng Maquette ze maachen. Wann d'ganz Klass matmécht, organiséiert eng Ausstellung vun alle Maquetten, vläicht an ärer Schoul, am Stadhaus oder an engem Musée. Dréi e schéine Video fir d'sozial Netzwierker.

# Kolophon


## 1. Ausgab 2025

EDITEUREN:
Zentrum fir politesch Bildung
Fondation d'utilité publique, RCSL G236
138, Boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg

An Zesummenaarbecht mam
Comité pour la mémoire de
la Deuxième Guerre mondiale
Villa Pauly
57, Boulevard de la Pétrusse
L-2320 Luxembourg


All Rechter virbehalen.


KOORDINATIOUN:
Historical Consulting Sàrl

TEXTER:
Vincent Artuso

IWWERSETZUNG:
Myriam Welschbillig

RELECTURE:
Zentrum fir politesch Bildung

KONZEPT VUN DEN AKTIVITÉITEN:
Jan Durk Tuinier (Stichting Vredeseducatie)

GRAFESCH KONZEPTIOUN & ËMSETZUNG:
binsfeld

DROCK:
Imprimerie Centrale

ISBN:
978-2-919788-20-0
OP EEMOL WAR ALLES ANESCHT

Dës Broschür ass och op Franséisch,
Däitsch an Englesch disponibel.


## Quellen:

SÄIT 4: Ons Jongen, 16 avril 1948, p. 2.
SÄIT 6: © Alamy Images.
SÄIT 9: © USHMM.
SÄIT 13: Foto: Tony Krier
© Photothèque de la Ville de Luxembourg.
SÄIT 15: © Musée National de la Résistance et des Droits Humains (MNRDH).
SÄIT 17: © MNRDH.
SÄIT 20: Foto: Batty Fischer
© Photothèque de la Ville de Luxembourg.
SÄIT 21: © MNRDH.
SÄIT 25: 1. Plakat, Foto: Roger Weitzel
© MNRDH. 2. Depart vun den Zwangsrekrutéierten, Foto: Roger Weitzel
© Photothèque de la Ville de Luxembourg.
SÄIT 27: 1. Wikimedia Commons.
2. Foto: Batty Fischer © Photothèque de la Ville de Luxembourg.
SÄIT 29: 1. Bunker © MNRDH.
2. Arméiert Resistenzler © MNRDH.
SÄIT 33: © MNRDH.
SÄIT 35: © Alamy Images.
SÄIT 36: 1. Dat zerstéiert Maarnech
© Musée National d'Histoire Militaire (MNHM).
2. Amerikaneschen Zaldot © MNHM.
SÄIT 38: © Alamy Images.
SÄIT 41: 1. Villa Pauly © Photothèque de la Ville de Luxembourg. 2. Lëtzebuergesch Kollaborateuren © Photothèque de la Ville de Luxembourg.
SÄIT 42: Johann a Fiodor © MNRDH.
Marcel, Privatkollektioun © MNHM.
Pierre a Marguerite, Privatkollektioun.
SÄIT 45: © Alamy Images.
SÄIT 46: 1. Wikimedia Commons. 2. © EFA.
SÄIT 49: 1. © MemoShoa. 2. Hinzerter Kräiz
© Photothèque de la Ville de Luxembourg.
3. Monument national de la solidarité
© Service information et presse, Luxembourg.
SÄIT 50: 1. © Fáilte Ireland.
2. © Alamy Images.


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Comité pour la mémoire de la
Deuxième Guerre mondiale

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

Mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum
Œuvre Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte

ënnerstëtzt vun œuvre nationale

**D’Rose, de Charel, d’Jeanne an de Kurt si wéi s du zu Lëtzebuerg grouss ginn. Mee wéi si ongeféier an dengem Alter waren, hunn si den Zweete Weltkrich an d’Nazi-Okkupatioun erlieft. Entdeck hir Geschicht an dësem Aktivitéitenheft …**

